



wärten d'Contenue grosso modo nach ëmmer déi selwecht sinn, och wann een natierlech Elementer ka mat afféisse loosse vu Preparatioun op esou e psychologeschen Test. Mee dat ass jo keng Matière, déi ee léiert iwwer Méint ewech. Dat ass jo éischter en Test, deen allgemeng Fäegkeete wëllt ofpréiwen.

Eng Saach war mer net ganz kloer, wat hei an der Fro eigentlech opgeworf ginn ass. Mir schwätze vun de COPRAL-Coursen, wou mer an der Reegel Contenue vermëttelen, déi um Niveau, soe mer mol, vun enger Cinquième am Enseignement secondaire général vermëttelt ginn. Da kommen awer gläichzäiteg Froen op: Misste mer net eng ganz Filière maachen?

Ben, um Niveau vun enger Cinquième hu mer nach keng Spezialiséierung. Do geet et jo ëm eng breet Ausbildung, eng allgemeng Ausbildung, sief dat sproochlech Kompetenzen, sief dat Mathematik, sief dat technesch, naturwëssenschaftlech Kompetenzen, an hei ganz besonnesch mat engem Fokus natierlech op déi sportlech Kompetenzen, well dat jo awer dann dat ass, wat herno d'Armée zum groussen Deel och als Spezialitéit ausmécht.

Wann een dat wëllt diskutéieren, wat Dir opgeworf hutt vun enger ganzer Filière, ass dat jo dann éischter eppes um Niveau vun enger Troisième oder vun enger Première, mee wat dann awer op aner Responsabilitéiten um Niveau vun der Armée oder och vun anere Sécherheitsberuffer géif hiféiere wéi dat, wat de COPRAL haut mécht.

Ee kuerzt Wuert vläicht zur Fro vun der Evaluatioun vun deem Projet. Ech denke schon, wéi ech prinzipiell der Meinung sinn, datt, wann een eppes Neies an der Educatioun aféiert, een dat och no enger gewëssener Zäit soll evaluéieren. Et muss een awer ëmmer kucken, par rapport zu wat een et evaluéiert. Den Här Kartheiser huet richteg gesot, datt mer hei Jonker unzéien an déi COPRAL-Coursen, déi ganz oft schonn en Echec virun haten. Et kann ee se sécherlech net mat der Moyenne vun enger Schülerpopulatioun vergläichen. Et muss ee scho wëssen, datt dat heite fir si eng zweet Chance ass an datt fir si vläicht och en zweeten Echec méi probabel ass wéi an der Moyenne vun enger ganz normaler duerchschnëttlecher Schülerpopulatioun.

Wann ee wëllt vergläichen, da misst een eigentlech kucke goen: Wat ass de spéidere Parcours? Wa se an d'Armée erakomm sinn, wat fir e Wee hu se duerno gemaach? Wann da vläicht aner Weeër ageschloe goufen - an do ginn ech dem Marc Baum Recht, well se och vläicht gemierkt hunn, datt se aner Kompetenzen entwéckelt hunn, déi se och direkt eriwuer an eng aner Formatioun oder an en anere Beruff, an eng aner professionell Aktivitéit gezunn hunn -: Wat war hire Wee duerno? An et misst een dat vergläiche mat deene Jonken, déi vläicht schonn eng Kéier décrochéiert haten an dann net an de Genoss vun esou enger COPRAL-Formatioun oder enger änlecher konnte kommen. An do, denken ech, gesi mer dann, wat déi reell Plus-value vun där Initiativ hei ass.

An da gesi mer och, datt et jo hei eppes ass, wat wuel an enker Zesummenaarbecht mat der Armée entstanen ass - och op Demande hi vun der Armée an aus der Erfahrung eras, datt der ganz vill do bei de Rekrutementspreuwen eeben echouéiert hunn, fir déi besser ze preparéieren -, mee datt et eng Formatioun ass, déi allgemeng e Wäert huet an doduerjer eigentlech och, denken ech, egal wéi d'Rekrutementsprozedure vun der Armée sech géife weiterentwéckelen, hire Bestand sollt hunn, an et deene Jonken, déi bis elo op jidde Fall dovunner konnte profitéieren - déi 197, och déi 76, déi et gepackt hunn, déi d'Coursen also bestanen hunn -, sécherlech e weideren Horizont opgemaach huet fir hir perséinlech an hoffentlech och beruflech respektiv schoulesch Entwécklung.

An do ass et jo awer och esou, datt dat net deen eenzege Projet ass, dee mer esou hunn. Mir hunn eng École nationale des adultes. Mir hunn Aktivéierungsservicer vum Service national de la jeunesse. Mir hu ganz vill Initiativen, déi géint den Decrochage ... oder sech fir de Raccrochage scolaire engagéieren. An dat heiten ass een dovunner.

Dat ass e bëssen och d'Äntwert op déi Demande hin: Musse mer dat doten elo regionaliséieren? Ech mengen, aus zwee Grënn net onbedéngt: Well mer op anere Plazen och änlech Ugeboter hunn, a mer awer och hei d'Proximitéit zum Härebiere brauchen an och d'Disponibilitéit vum Härebiere brauchen. Mir kënnen an der Kasär net d'äinlech méi Jonker hei mat begleede fir änlech Formatiounen, wéi dat momentan do de Fall ass.

Ofschléissend vläicht nach just zwou Remarken, Här President.

De Personalbesoin an der Armée ënnerscheet sech net grundsätzlech vun deem a ganz villen

anere Secteuren hei am Land. An da kann et och net esou sinn, datt eng Formatioun oder just eng Äntwert op déi Eerausfuhrung do déi richteg ass. Mir schwätze vu Personalbedarf an de Soenen, am Gesondheetsberäich. Mir schwätze vu Personalbedarf am Handwerk, ganz breet. Mir schwätze vu Personalbedarf a villen Domänen vun der Fonction publique, och bei der Police a bei der Armée. Mir schwätze vu Personalbedarf am Enseignement. Mir schwätze vu Personalbedarf an der IT-Branche. An och do musse mer kucken, wéi mer als Land dorobber reagéieren an net just allkéiers sektoriell.

Wat hei flott war, dat war virun allem och déi Zesummenaarbecht, déi stattfonnt huet tëschent dem Lycée technique vun Ettelbréck mat enger Ekip vum ganz engagierten Enseignant, fir dee Programm do kënnen en place ze setzen, an awer och mat de Leit vun der Lëtzebuerger Armée, an och dee Rapprochement do, dat géigesäitegt Verständnis: Wat ass d'Schoul? Wat kann d'Schoul? A wat ass awer och d'Armée mat hirem Beruufsëmfeld a wat muss d'Schoul leeschte fir d'Armée?

Dat, denken ech, ass eng ganz grouss Plus-value. An do soll ee wierklech net ausschléissen, fir dat och ze kopéieren op aneren Niveaue, op aner Beruufsberäicher, fir déi Integratioun do punktuell hinze kréien an och deene Jonke méiglechst fréi de Kontakt mat der reeller Beruufsaktivitéit kënnen hierstellen, fir sech selwer e Bild ze maachen, fir sech selwer an där Aktivitéit och ze gesinn an dann och nach eng Kéier zousätzlech motivéiert ze sinn, fir alles dat opzesaugen, wat se brauchen, fir dann do kënnen eranzekommen.

Villmools merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch.

Den Här Fernand Kartheiser freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech mengen, no dëser Debat konnte mer jo feststellen, datt mer alleguer heibannen e ganz oppene Geescht hunn, fir iwwert dee COPRAL nozedenken, iwwer seng Virdeeler nozedenken, seng sozial Roll, seng Plus-value fir d'Armée. An ech wollt lech alleguer dofir häerzlech Merci soen, der Regierung an alle Parteien heibannen, déi gesinn, datt et wichteg ass, datt mer dee sozialen Engagement an och deen Engagement fir d'Sécherheet vum Land hei zesumme viruféieren.

Ech wëll mech och deene Mercien uschléissen, déi genannt gi si fir d'Madamm Pascale Bettel an hiren Travail de candidature, deen eis, mengen ech, alleguer inspiréiert huet an deen eng gutt Grondlag ass fir weider Diskussiounen och an deem dote Beräich.

Wat mer just an der Diskussioun opgefall ass, dat ass dat Argument, wat déi zwee Häre Ministeren hei genannt hunn: Dat ass d'Proximitéit vum Härebiere. Elo wëll ech net polemisch ginn, mee ech mengen, et misst méiglech sinn, en Autobus ze organiséieren. Mir maachen dat och fir aner, déi mussen ..., fir Kanner, déi iergendwou higefouert ginn. An ech mengen net, datt an eise Land elo 10 Kilometer oder 15 Kilometer vum Härebiere e Problem sinn, dee mer sollten als en insurmentabelen Obstacle gesinn, fir do Stagen ze organiséieren. Dat ass eng Fro vun Organisatioun, vu Logistik.

A wann dee COPRAL eng Kéier net nëmme Pilotprojet ass, mee en integralen Deel vun enger Filière oder vun enger institutionaliséierter Form fir d'Virbereedung op d'Sécherheitsberuffer an och als en Instrument de lutte géint den Decrochage, mengen ech, ass et méiglech, datt och d'Armée méi Ressourcë bereestellt, fir Stagen ze organiséieren. Ech mengen, datt ass wierklech elo net e Problem, dee mer per se sollten als esou grouss ugesinn, datt en eis sollt dovun offhalen, op deem Wee weiderzedenken, deen hei ugeduecht ginn ass.

Dat gesot, soen ech nach eng Kéier villmools Merci. All Partei huet hei en oppene Geescht bewisen, all Partei war konstruktiv, a vun eiser Säit aus dofir e Merci u se alleguer. Mir freeën eis drop, mat lech zesummenzeschaffen, fir de Projet weider no vir ze bréngen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser, fir de Merci. Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

Motion 1

Da kéime mer nach just zur Ofstëmmung vun der Motioun.

D'Madamm Stéphanie Empain huet d'Wuert.

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wollt just am Fong geholl dat bestätegen, wat scho gesot ginn ass. Mir hunn eis dat elo hei ganz am Detail ugekuckt a wierklech näischt fonnt, wat eis gréisser Suerge bereet. Mir kéinten dann ënnert der

Kloerstellung, dass dat awer alles souwisou schonn an der Pipeline ass, dës Motioun och esou akzeptéieren an hei matstëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. Dann huet den Här Jean-Marie Halsdorf d'Wuert gefrot.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Jo, ech stelle fest, dass an eisen Nopeschlänner, mat deene mer zesummeschaffen, notament an der Belsch an och mat de Fransousen, dass et do Altere gëtt, déi awer méi héich si wéi déi, déi mir hunn. Dat heescht, wa mer an déi heite Richtung ginn, dass mer do expressis verbis 26 Joer setzen, woumat mir kënnen liewen. Da muss ee sech awer herno e Kader ginn, un deem ee sech orientéiert par rapport zu eise belschen an de franséischen Noperen, besonnesch zu eise belschen, well mer jo och mat hinnen zesummeschaffen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Halsdorf.

Kënnen mer dann dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass mat dëser Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass domadder eestëmmeg ugeholl.

4. 7445 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux ;

2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7445 iwwert de Statut vun de Gemengebeamten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Emile Eicher, den Här Guy Arendt, den Här François Benoy, den Här Gast Gibéryen, den Här Marc Baum an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

► **M. Dan Biancalana (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, de Projet de loi 7445 zum Statut vun de Gemeengefonctionnaires, iwwert dee mer haut befannen, wäert virun allem verschidden Dispositiounen, déi de 15. Juni 2018 am Kader vun der Modifikatioun vum Accord salarial vun 2016 getraff gi sinn, deen tëschent der Regierung an der CGFP ausgehandelt gouf, am Gemengesector haut ëmsetzen.

Dir wäert lech erënneren, dass mer virun e puer Méint - den 19. November, fir ganz genau ze sinn - de Projet de loi 7418 hei gestëmmt hunn. Dësen Text huet bis op e puer Ausnahmen déi selwecht Elementer fir d'Fonction publique beim Staat ëmgasat.

Fir de Parallelismus tëschent der Fonction publique vum Staat an de Leit, déi an de Gemenge schaffen, oprecht ze halen, muss deen Accord och am Gemengesector applizéiert ginn.

An dësem Kontext huet jo de Staat ëmmer d'Nues vir, d'Gemengen zéien no. An dofir war et halt wichteg, den Delai, den Ecart tëschent de Votte vun dësen zwee Gesetzter esou kleng, esou kuerz wéi méiglech ze halen. Deem ass haut also och esou.

D'Gemengen, déi sinn e wichtigen Acteur a Partner vum Staat. Si mussen ëmmer méi Aufgaben erfëllen, déi gläichzäiteg am Alldag och ëmmer méi komplex ginn. A si sinn et och, déi mat hirem Personal no um Bierger sinn an him am Alldag a ville Situatiounen zur Säit stinn.

Et ass och a jiddwerengem sengem Interêt, eng gutt Fonction publique communale ze hunn. Dëse Projet de loi dréit also kloer derzou bäi, de Gemengesector méi attraktiv ze gestalten an och d'Aarbechtskonditiounen ze verbesseren.

Haauptsächlech ginn hei dräi Punkten ëmgasat:

- De Stage gëtt vun dräi zréck op zwee Joer gesat.

- De Prinzip, dee virgesäit, dass d'Nominatioun vun deene Leit, déi hire Service provisoire ab dem 1. September 2017 ugefaangen hunn, also ënnert der Dispositioun, déi nach en Dräi-Joer-Stage virgesinn huet, gerechent gëtt, wéi wa se schonn e Joer éischter agetruede wier.

- An deen drëten: Fir d'Period virum 1. Januar 2019 ginn d'Parts patronales a salariales vun de Cotisatiounen fir d'Pensioun nei gerechent, fir deenen zwou Mesuren - déi effektiv, déi ech elo genannt hunn - Rechnung ze droen. Heibäi iwwerhëlt den Employeur d'Différence tëschent deenen zwee Montanten.

Déi aner Measure phare, nämlech d'Ofschaffung vun der sougenanntener 80-80-90-Reegel, wäert iwwer Règlement grand-ducal gereegelt ginn.

Weiderhin ännert d'Gesetz e puer Dispositiounen bezüglech de Gemengebeamten a mécht och e puer Ajoutten.

Et gëtt virun allem och hei versicht, eng besser Vereenbarkeet - net onwichtig! - vu Beruff a Famill ze erméiglechen. Sou ginn d'Dispenses de service un déi vun de Staatsbeamten ugepasst a Leit am Service provisoire kënnen elo och hire Congé parental méi flexibel huelen.

An och wéi beim Projet de loi 7418 gëtt elo d'Beruffserfahrung aus dem Privatsecteur integral unerkannt.

Loosst mech vläicht hei och kuerz op d'Aarbecht vun der Kommissioun agoen!

Den Text gouf de 27. Juni an der Kommissioun vun der Madamm Ministesch Bofferding presentéiert.

Den 28. November huet d'Kommissioun dunn den Avis vum Staatsrot analyséiert an och eng Rëtsch Amendementer diskutéiert. Allgemeng sinn dës Amendementer zu engem groussen Deel déi selwecht wéi déi, déi um Projet de loi 7418 gemaach gi sinn, eeben halt par rapport zum Parallelismus.

Duerch den Timing vum Depot vum Projet de loi konnt den initialen Text d'Amendementer, déi um Text vum Projet de loi 7418 gemaach goufen, net an deen heite Projet integréieren. Dorop huet de Staatsrot a sengem Avis higewisen, a mir hunn eis och par rapport zum Projet de loi respektiv zum Gesetz 7418 alignéiert.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis zwou Oppositions formelles gemaach zu der Dispositioun, déi initial besot huet, dass d'Admissioun vum Gemengeservice fir Kandidate refuséiert ka ginn, deenen hire Contrat d'employé communal oder de salarier communal duerch eng „décision motivée“ resiliéiert gouf. D'Formulatioun „décision motivée“ ass dem Staatsrot no net prezis genuch a féiert zu enger Insécurité juridique, soudass mer och där Formulatioun vum Staatsrot Rechnung gedroen hunn.

Am Artikel 3 zu den Transitionsmesuren huet de Staatsrot festgestallt, dass ënnert der Formulatioun vum Paragraf 4, wou et ëm d'Cotisatiounen fir d'Pensiounen geet, net all d'Agenten, déi an de Paragraphen 1-3 viséiert sinn, couvréiert wieren, wat dowéinst géint de Prinzip vun der Egalitéit an der Verfassung géif verstoussen. Och deen Text, dee Volet hu mer deementspreechend amendéiert.

Déi aner Amendementer setzen zum Beispill och d'Dauer vun der Suspension vum Service provisoire op maximal zwielef Méint fest.

Och en aneren Amendement ass méi spezifesch op de Gemengesector fokusséiert. Esou ginn am Artikel 3 zu den Transitionsmesuren Dispositiounen bäigesat, déi den Accessoires de traitement vun de Gemeengefonctionnaires an den Accessoires d'indemnitéit vum Gemengen-employé Rechnung droen.

Ausserdeem gouf och enger Observatioun vum Syvicol Rechnung gedroen, dee sän Avis den 10. Juni 2019 publizéiert huet. Am initialen Text hätt ee kënnen interpretéieren, dass eng definitiv Nominatioun duerch d'Gesetz eleng automatesch a Kraaft trëtt, nodeems ee sän Examen gepackt huet. De Syvicol verweist hei op d'Gesetz vun 1985 zum Statut général vun de Gemeengefonctionnaires, dat virgesäit, dass d'definitiv Nominatioun op Basis vun engem Vott am Gemengerot a Kraaft trëtt. Deem hu mer och als Kommissioun Rechnung gedroen. An och hei gëtt d'Gemengenautonomie da respektéiert.

Den 20. Dezember kounn dunn en Avis complémentaire vum Staatsrot. Deen hu mer och an der Kommissioun de 16. Januar analyséiert.

Während de Staatsrot seng viregt Oppositions formelles opgehewen huet, huet en nei Oppositions formelles formuléiert, déi en och hätt kënnen a sengem éischten Avis formuléieren,



par rapport zu der Hiérarchie des normes. An awer och do hu mer Amendementer gemaach par rapport zu deenen zwou Oppositions formelles.

D'Ministesch huet och an där selwechter Sitzung matgedeelt, dass effektiv beim Volet Formationszäit per Règlement grand-ducal och d'Formationsstonne wäerten zréckbehale ginn: 120 Stonnen.

Net méi spéit wéi elo en Dëschdeg hu mer de Rapport an der Kommissioun ugeholl. An dass mer haut de Projet an der Chamber stëmmen, ass wichteg fir d'Gemengen, fir dass si och dës Emsetzung esou schnell wéi méiglech kënnen maachen, well mer och wëssen, dass am Gemengesector e gewëssenen Drock och deem-entsprechend ass.

An natierlech ass hei awer och ze soen, dass duerch d'Ofschaffung vun der 80-80-90-Reegel och wäerte Käschten an administrativ Aarbecht op d'Gemengen duerkommen. Dat ass kloer. Well dat de Moment schwéier anzuschätzen ass, wësse mer nach net genau, wivill dass dat kaschte wäert.

Op jidde Fall huet d'Ministesch eis zougesé- chert, dass se och bei der Emsetzung vun dësem Gesetz de Gemengen eng Circulaire wäert zoukomme loosse - wat begrëssenswäert ass -, wéi se effektiv dëst Gesetz sollen an der Praxis mat hire Fonctionnaires, Beamten ëmsetzen.

Et muss een awer och dëse Projet an e méi largë Kader setzen, fir d'Gemenge generell méi attraktiv an och zukunfts-fäeg ze maachen. Si hu villfältig a komplex Aufgaben, sinn no bei de Besoinen an de Suerge vun de Bierger. An et gëllt déi mat motivéiertem a gutt forméiertem Personal esou gutt wéi méiglech am Inter- rêt vun der Gemeng an am Interêt vun de Bier- ger ëmzesetzen.

An heimadder ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Biancalana. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Emile Eicher (CSV).** - Merci, Här Presi- dent. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Kolleg Dan Biancalana Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndle- che Rapport. Deem ass net allze vill bäizefügen.

Ech wollt awer och drop hiweisen, wat immens gutt ass, datt mer et fäerdegbruecht hunn, nëmmen zwee Méint nodeem mer schonn d'Emsetzung gemaach hu fir d'Fonction pu- blique beim Staat, dann och elo bei de Gemen- gebeamten deen Avenant vun dem Accord sa- larial tëschent der CGFP an der Regierung vum 5. Dezember 2016 ëmzesetzen.

Mir begrëssen dat ëmsou méi, well dat do jo och eng Fuerderung vun de Gewerkschaften ass, fir déi Emsetzung méi schnell virzehuelen. Mir wäerten och dëse Gesetzesprojet ënner- stëtzen a votéieren.

Ech wollt awer nach op eng Fro zréckkommen, déi an der Kommissioun gestallt ginn ass, näm- lech déi, firwat net d'Bonification d'ancienneté d'selwecht gereegelt ginn ass wéi bei der Re- form vun de Schoulmeeschteschkarriären. Et ass effektiv esou, datt ab dem 1. Januar vun dë- sem Joer all déi nei Fonctionnaires, déi bei d'Gemenge kommen, hir Karriär, déi se ausser- halb vu Staat a Gemenge gemaach hunn, kom- plett unerkannt kréien all déi Joren, wou se ge- schafft hunn. Dat ännert awer elo net fir déi Leit, déi virdru geschafft hunn. Do bleift alles beim Alen.

D'Remark soll awer dann och nach erlaabt sinn - ech maachen dat dann och nach e bësselche an enger anerer Funktioun oder mat enger a- nerer Kap -, datt mer eis géife freeën, wann d'Regierung déi nächste Kéier och de Syvicol géif mat un den Dësch huelen, wa Verhand- lunge gefouert gi mat de Gewerkschaften, fir datt mir och eis Uspréich kënnen mat an déi Ge- sprécher erabréngen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauscher- ten a ginn domat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Eicher. An da wier et um honorabe- len Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt (DP).** - Jo, merci, Här Presi- dent. Merci och dem Här Dan Biancalana fir säin ausféierleche Rapport. Et ass näischt méi

bäizefügen. Ech ginn den Accord vun der DP- Fraktioun.

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Arendt. Ech ginn d'Wuert weider un den hono- rabelen Här François Benoy.

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Jo, ech wëll ufänken an dem Dan Biancalana villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass e wichtegt Gesetz, dat mer hei stëmmen. Nodeems mer positiv Ännerungen hate fir d'Leit, déi beim Staat schaffen, maache mer dat elo och bei de Gemengen.

Et geet also hei och ëm d'Zefriddenheet op der Aarbecht, Bien-être au travail, wat haut schonn eng Kéier um Ordre du jour war. Nodeems mer dat beim Staat gemaach hunn, maache mer dat elo bei de Gemengen, déi och eebe mam gudde Beispill virginn, fir hire Leit gutt Aarbechtskonditiounen ze ginn, grad och fir eng gutt „work-life balance“ vun de Leit, déi do schaffen. Et geet also och ëm d'Valorisati- on vu Leit, déi engagéiert schaffen an all Dag am Dëngscht si vun de Bierger.

Et hëlleft awer och, de Gemengesector, men- gen ech, méi attraktiv ze maachen. E Secteur, deen zum Deel och Schwieeregkeeten huet, fir Leit ze fannen, dat ënner anerem jo och do- duerch, dass mer de Leit, déi aus dem Privat- sector kommen, hir Zäit urechnen an d'Stage- zäit och reduzéiert gëtt, an op där anerer Säit och d'Conciliatioun tëschent Famill a Berufsflie- wen hei verbessert gëtt.

Ech ginn dofir den Accord vun de Grénge, well mer mat deem heite Gesetzestext d'Kon- ditioun fir d'Leit, déi an de Gemenge schaf- fen, daitlech verbesseren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Benoy. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här Presi- dent. Och vun eiser Säit dem Kolleg Dan Biancalana e Merci fir säi Rapport. Ech men- gen, en huet e wierkech an allen Detailer hei erkläert an en huet och virun allem nach d' Dif- ferenzen erkläert, wat tëschent dem Accord, dee mer am November hei fir d'Fonction pu- blique gestëmmt hunn, vis-à-vis elo vun deem fir d'Gemengen nach geännert ass, soudatt deem am Fong näischt bäizefügen ass.

Mir hunn am November den Accord fir d'Fon- ction publique gestëmmt an et ass och nëm- men eng Selbstverständlechkeet, datt mer och haut dem Accord fir d'Gemengen zoustëm- men.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gibéryen. An da wier et um hono- rabelen Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, et gëtt näischt bäizefügen. Dat maachen ech dann och net an ech ginn den Accord.

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Huet den Här Goergen nach eppes bäizefügen?

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Och merci dem Här Dan Biancalana fir säin exzellente Rapport. An och mir ginn eisen Accord.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - An elo huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Taina Bofferdin, Ministre de l'In- térieur.** - Här President, als Éischt emol merci un de Rapporteur an och un déi Leit, déi awer hei d'Wichtegkeet vum Gemengesector elo an de Vierdergrond gestallt hunn.

Effektiv, mat dësem Projet hei suerge mer fir Verbesserung fir d'Gemengepersonal a ma- chen eng Gläichstellung zur Fonction publique. Mir alignéieren eis hei bei der Transposi- tioun zu 100 % zu deem, wat eebe do ëmge- sat ginn ass. An en net onweesentleche Volet ass awer och nach, dass mer hei awer d'Ge- menges als attraktive Patron gesinn, déi och fir gutt Aarbechtskonditiounen suergen.

Zu de Froen, déi den Här Eicher gestallt huet.

Jo, de Syvicol ass net bei de Verhandlungen derbäi. Do muss ee soen, bei dësem Projet de loi geet et jo elo emol ëm d'Emsetzung, eebe d'Transpositioun vum Accord salarial. Dat heescht, mir maache jo dat, wat do ëmgesat ginn ass, eent zu eent.

Dir wësst awer - an do begéine mer eis jo och reegelméisseg - an der Commission centrale, alles, wat de Gemengesector betrëfft, wou mer selwer kënnen verhandelen, dass mer eis do reegelméisseg begéinen, fir kënnen ze disku- téieren. An dat ass fir mech och dee richtege Wee, dat eebe an deem Niveau ze maachen,

fir, wéi mer ëmmer soen, de Sozialdialog am Gemengesector héichzehalen.

Zu Ärer zweeter Fro vun der Bonifikatioun vun den Zäiten am Privatsektor. Do gëtt et ab dem 1. März elo dëst Joer genoe wéi beim Staat gemaach. Et gëtt zu 100 % esou ëmge- sat. Och hei gëtt et keng Differenz, well mer eis hei jo komplett alignéieren.

Fir de Rescht soen ech jiddwerengem nach eng Kéier Merci, deen hei matstëmmt. Dir wësst, mir sinn am Interieur amgaangen, um Gemeengesetz ze schaffen, fir et ze refor- méieren. Och dat heite gehéiert eebe zu ei- sem Prinzip vun de moderne Gemengen. Do- zou gehéiere Leit, déi motivéiert sinn, déi qua- lifizéiert sinn, déi, wéi virdrun scho gesot ginn ass, am Dëngscht vun de Biergerinnen a Bierger all Dag stinn. An duerfir nach eng Kéier e grouse Merci. Ech mengen, dat heiten ass och haut e wichtegt Zeeche fir de Gemeenge- sector.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Taina Bofferdin. D'Dis- kussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7445. Den Text steet am Do- cument parlementaire 7445⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7445 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséin- lech Stëmmen. Duerno de Vote par procura- tion. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7445 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeho.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7445 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marc Spautz), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back,

Le saviez-VOUS ?

QUESTIONS

Dans le cadre de ses moyens de contrôle et de surveillance par rapport aux affaires gouvernementales, la Chambre, par le biais de ses membres, a le droit de poser des questions aux membres du Gouvernement. La question constitue une demande de renseignements d'un député à un ministre au sujet d'une affaire administrative ou de gouvernement. Le Règlement de la Chambre des Députés prévoit diverses sortes de questions : les questions écrites, les questions urgentes, les questions élargies ainsi que les questions posées lors des heures de questions ou d'actualité.

François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet de la violation des droits de l'homme dans le Proche et Moyen-Orient (suite)

Ier mer dës Sätzungswoch ofschléissen, stëm- me mer nach iwwert d'Motioun Nummer 2 vum Här David Wagner of, déi gëschter am Ka- der vun der Aktualitéitsstonn iwwert d'Mënsche- rechtsverletzungen am Noen a Mëttleren Os- ten deposéiert gouf.

Ass nach eppes zu där Motioun ze soen?

(Négation)

Soss kënnen mer iwwert déi Motioun ofstëm- men.

De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procurati- on. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 29 Jo-Stëmmen bei 31 Nee-Stëmmen ofgeleent ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

6. Communication de M. le Président

Ech wëll just drop hiweisen, datt dëst virleefeg déi lescht offiziell Sitzung mam Generalsekretär Claude Frieseisen ass.

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Mee mir wäerten awer nach an effentlecher Sitzung mat enger Honorifikatioun op dem Claude seng verdéngschtvoll Aarbecht an dësem héijen Haus zréckkommen.

► **Plusieurs voix.** - A!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech men- gen, dat maache mer zu engem spéideren Zäitpunkt. Him awer jiddefalls haut emol ee virleefeg Merci fir säi fantastescht Wierken an dësem héijen Haus.

(Applaudissements)

Déi nächst Sitzunge si fir den 18., 19. an 20. März virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen. An lech alleguer eng flott Fuesvakanz a briecht lech näischt am Wantersport!

(La séance publique est levée à 18.13 heures.)